ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Op Basis vun der "*loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise*" souwéi duerno der "*loi du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de :1. la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise ; 2. la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise*" konnte Leit déi am Ausland wunnen awer bis zum Joer 1900 e Virfare mat Lëtzebuergescher Nationalitéit haten, dës wärend de leschte Joren och ufroen.

An deem Zesummenhang hätt ech follgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1) Wéi vill Leit hu vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach, säit déi uewen zitéiert Gesetzer a Kraaft getruede sinn?
2) Wéi vill Demande goufen ugeholl a wéi vill goufen der ofgewisen? Wat waren déi heefegst Grënn, fir sou Demanden ofzeweisen?
3) Kann d'Madamm Justizminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, op wéi eng Ursprongslänner sech déi eenzel Demandë verdeelt hunn, a wéi sech déi accordéiert an ofgewisen Demanden op dës Länner verdeelen?
4) Verfüügt d'Madamm Justizminister iwwert en Iwwerbléck, wéi vill Leit hypotheetesch vun dëser Méiglechkeet kéinte profitéieren, wann se weider géif verlängert ginn? Falls d'Äntwert op dës Fro jo ass, kann si dann eng Tabell presentéieren, wéi dës Leit sech op déi eenzel Länner verdeelen? Wann net, ass eng entspriechend Etude geplangt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten